ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Januar 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Leschte Summer koum et laut Luxemburger Wort (Artikel vum 15.12.2020) zum trageschen Dout vun engem Schüler. D'Luxemburger Wort schreift, datt de Regionaldirekter déi komplizéiert Situatioun vum Jong dem Jugendriichter melle wollt. Dëst soll awer vum Schoulministère verhënnert gi sinn.

Erlaabt mir e puer allgemeng Froen zu esou Situatiounen:

1. Wat fir Prozeduren si virgesi bei engem Kand, dat an der Schoul Léierschwieregkeete virweist, onkontrolléiert ass, sech an anerer an Gefor bréngt an en aggressivt Verhale weist als Ausdrock vun engem psychesche Leiden?
2. Wat fir Prozeduren si virgesinn, wann d'Eltere vum Kand all Hëllef vum Schoulpersonal ignoréieren, kritiséieren an ofleenen?
3. Wéi ass d'Prozedur fir am Schoulwiesen en Signalement un d'Staatsanwaltschaft ze maachen? Muss do en Averständnis gefrot ginn?
4. Ginn et Fäll, wou en Regionaldirekter, eng commission d'inclusion oder soss eng Persoun aus der Schoul en Signalement vun engem Kand un d'Staatsanwaltschaft wollt maachen an dëst verhënnert ginn ass vum Ministère? Wéi vill esou Fäll sinn et an de leschten Jore ginn?
5. Dem Jugendschutzgesetz no ass all Mënsch dozou verflicht, d'Staatsanwaltschaft ze informéieren, wann de Verdacht, datt d'Wuelergoe vun engem Kand a Gefor ass, besteet. Ass et ënner dësem Bléckwénkel méiglech, datt de Schoulministère e Beamten dovun ofbréngt, dëst ze maachen?
6. Kann de Ministère esou eng Meldung verhënnere mam Argument, datt d'Elteren net domat averstane sinn?
7. Dee Fall, deen am Wort beschriwwe gouf, schéngt sech iwwer e längeren Zäitraum ofgespillt ze hunn. Ass de Ministère wëlles, eng transparent an zäitlech begrenzte Prozedur ze schafe fir bei Kanner mat Problemer oder mat Behënnerung ze kucken, ob a wéi wäit en inklusiven Unterrecht méiglech a sënnvoll ass?
8. Grad, well d'Prozedure sech anscheinend ouni zäitleche Limitt kënnen erstrecken, stellt sech och d'Fro, wéi wäit esou e Festhalen um Inklusivitéitskonzept den Unterrecht an der

betraffener Klass beaflosst. Wie kann am Numm vun de Matschüler, déi ënner dëser Situatioun leiden, intervenéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742